LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vum Här Minister fir d'Fonction publique, Serge Wilmes, op d'parlamentaresch Fro Nr. 4463 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

1- **Kann de Minister Statistiken an enger Tabell opléschten (Minimum, Maximum, Moyenne a Mediane), wéi héich d'Bruttogehälter (inclus Primmen an aner finanziell Avantagen) sinn, fir:**
   - **Enseignanten am Fondamental,**
   - **Enseignanten am Primaire vun enger ëffentlech internationaler Schoul (Europaschoul),**
   - **Proffen am Lëtzebuerger Lycée,**
   - **Proffen am europäesche Secondaire?**

| ***Fonctionnairen*** | ***Maître d'enseignement (B1)*** | ***Professeur d'enseignement technique, instituteur (A2)*** | ***Professeur, I-EBS (A1)*** |
|---|---|---|---|
| Minimum (am Stage) | 5.088,65 € | 6.968,70 € | 8.522,87 € |
| Maximum (Schluss vun der Karriär) | 11.781,61 € | 12.533,63 € | 14.037,66 € |

| ***Employéen*** | ***Chargé de cours / d'enseignement / employé enseignant (B1)*** | ***Chargé de cours / d'enseignement / employé enseignant (A2)*** | ***Chargé de cours / d'enseignement / employé enseignant (A1)*** |
|---|---|---|---|
| Minimum (éischt Joer Stage) | 4.604,84 € | 6.313,85 € | 7.595,61 € |
| Maximum (Schluss vun der Karriär) | 10.325,29 € | 11.156,06 € | 12.580,23 € |

Fir d'Joer 2025 stellen sech d'Bruttoremuneratiounen (Primme mat abegraff) follgendermoossen duer:

| ***Kategorie*** | ***Joresmoyenne*** | ***Joresmediane*** |
|---|---|---|
| Enseignanten am Fondamental / Primaire vun enger ëffentlecher internationaler Schoul | 134.029 € | 140.175 € |
| Proffen am Lëtzebuerger Lycée / europäesche Secondaire | 145.885 € | 147.655 € |

D'Moyenne an d'Mediane stellen déi pertinentst Indicateure fir d'Analys vun de Remuneratiounen duer a vermëttelen e representatiivt Bild vun der effektiver Salairesverdeelung bannent der Beruffsgrupp.

**2- Wéi erkläert de Minister eventuell Ënnerscheeder bei der Remuneratioun tëschent dëse Kategorien?**

Et gëtt keen Ënnerscheed an der Remuneratioun vun de Fonctionnairë respektiv den Employéë jee no hirer Affektatioun. E Fonctionnaire an der Karriär A1 mat der Funktioun „Professeur“ an enger ëffentlecher Schoul gëtt no de selwechte Bestëmmunge remuneréiert, egal ob dës Schoul den nationalen oder den europäesche Programm applizéiert.

Dat selwecht gëllt fir d'Karriär A2 mat der Funktioun zum Beispill vum „Instituteur“. En Instituteur an enger ëffentlecher Grondschoul ënnerläit de selwechte Remuneratiounsreegelen, egal ob dës Schoul den nationale Programm oder den europäesche Programm appliz éiert. Och hei besteet keen Ënnerscheed am Traitement opgrond vun der Affektatioun.

Bei den Employéë verhält et sech genee esou.

**3- Gesäit de Minister duerch dës Ënnerscheeder e Risiko fir d’Attraktivitéit vum Beruff am Lëtzebuerger Fondamental oder am klassesche Lycée?**
**5- Wéi eng Moossnahmen si geplangt, fir eng Konkurrenzsituatioun tëschent de Schoulmodeller ze vermeiden?**

Well et keng Ënnerscheeder a puncto Remuneratioun gëtt, besteet och kee Risiko fir d’Attraktivitéit vum Beruff am sougenannte Lëtzebuerger Fondamental oder am klassesche Lycée. Eng Konkurrenzsituatioun tëscht de Schoulmodeller ass net ze erkennen.

**4- Wéi vill Prozent vum Personal an de verschiddenen Europaschoulen hunn de Fonctionnairesstatut a wéi huet sech dës Zuel zënter 2020 entwéckelt? Wéi huet sech de Gesamtprozentsaz vun de Fonctionnairë beim Léierpersonal zënter 2020 entwéckelt?**

De Gesamtundeel u Fonctionnairë beim Léierpersonal vun den ëffentlechen Europaschoulen zanter 2020 stellt sech follgendermoossen duer:

| ***Schouljoer*** | ***Undeel u Fonctionnairen (a Prozent)*** |
|---|---|
| 2020/2021 | 40,22 % |
| 2021/2022 | 37,21 % |
| 2022/2023 | 34,42 % |
| 2023/2024 | 27,75 % |
| 2024/2025 | 25,89 % |
| 2025/2026 | 24,62 % |

De Gesamtprozentsaz u Fonctionnairen an den ëffentleche Schoulen stellt sech donieft esou duer:

| *Schouljoer* | *Undeel u Fonctionnairen (a Prozent)* |
|---|---|
| 2020/2021 | 79,1 % |
| 2021/2022 | 78,6 % |
| 2022/2023 | 78,1 % |
| 2023/2024 | 77, 8 % |
| 2024/2025 | 76,9 % |
| 2025/2026 | 76,0 % |

Lëtzebuerg, den 21. September 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude Meisch